septembre 2019

# AALTheMA 59

BULLETIN D'INFORMATION DU COMITÉ DE L'ASSOCIATION DES ANCIEN(NE)S ET AMI(E)S DU LTMA a.s.b.l.

## La rentrée nouvelle est arrivée !






**… aux membres des Services de secours**
**et à tou(te)s les bénévoles**
**qui, d'une façon ou d'une autre,**
**sont venu(e)s en aide aux victimes**
**de la tornade du 9 août 2019**

**Pour exprimer sa solidarité avec les sinistrés de la tornade,**
**le Comité de l'*AAltma asbl* a fait, au nom de ses membres,**
**un don de 100€ à l'organisation *« Fir e gudden Zweck »* de la Commune de Pétange**
**et un don de 100€ à l'asbl *«Käerjeng hëlleft»*.**

# Des anciens qui nous ont quittés (1)

## Rosy Nennig-Hinger

Rosy Nennig-Hinger s'est éteinte

le 5 juillet 2019 à l'âge de 80 ans.

Nos plus sincères condoléances vont à sa famille et à ses amis...



Mat schwéierem Häerz deele mir den Doud mat vun eiser léiwer, onvergiesslecher Mamm, Schwéiermamm, Boma a Schwëster

**Madame Rosy Nennig-Hinger**

25. 3. 1939 – 5. 7. 2019

Witfra vum Georges Nennig

Si ass onerwaart am Alter vun 80 Joer doheem gestuerwen.

D'Begriefnis ass an aller Stëll mat uschléissender Mass haut Mëttwoch, den 10. Juli 2019, um 16 Auer, zu Zolwer.


Et traueren ëm si:
hir Kanner:
Marie-France an Thierry Hick-Nennig mam Florian a Vincent
Réjane a Jean-Marie Elsen-Nennig mam Néckel a Louis
hir Geschwëster:
Elisabeth Nickels-Hinger, Emile Hinger, Pierre-Paul Hinger
an d'ganz Famill.

**Zolwer**, Esch/Uelzecht, Déifferdang, den 10. Juli 2019.

Déi Leit, déi eiser léiwer Verstuerwener besonnesch wëlle gedenken, kënnen dat maache mat engem Don op de Kont vun der „Croix-Rouge Luxembourg", CCPL LU52 1111 0000 1111 0000, mam Vermierk „Don Rosy Nennig-Hinger".

21953521

(Annonce Luxemburger Wort, 9. et 10.7.2019)



Juin 1976 à avec le CCD à Amsterdam



10.6.1978



Hiver 1979-1980

quelques photos de Rosy trouvées dans la brochure des 50 ans du Centre Culturel de Differdange

# Des anciens qui nous ont quittés (2)

## Sonja Muno

Sonja Muno, une ancienne élève du LTMA s’est éteinte
le 9 juillet 2019 à l’âge de 52 ans seulement.
Nos plus sincères condoléances vont à sa famille et à ses amis...

*Leet alles a Gottes Hänn:*
*d’Gléck an d’Leed, den Ufank an d’Enn.*



Mat schwéierem Häerz deele mir den Doud mat vun eiser léiwer Mamm, Meedchen, Schwëster, Schwéiesch an Tatta, dem

**Sonja Muno**

2. 3. 1967 – 9. 7. 2019

Si ass onerwoart am Alter vun 52 Joer dohëem verstuerwen.
Cérémonie d'adieu ass en Freideg den 12. Juli um 14 Auer zu Uewerkuer um Kirfecht.
Et traueren ëm si:

Tina Jungmann
Lea Muno-Wagner
Marco an Isabelle Muno-Sita
Eliane an Daniel Spanier-Muno
Damien Muno a Bryan Muno
an d'ganz Famill, Frënn a Bekannten.

**Uewerkuer,** Déifferdeng a Wintringen (D), den 11. Juli 2019.

Déi Leit, déi eiser léiwer Verstuerwener besonnesch wëlle gedenken, kënnen dat maache mat engem Don op de Kont vun „Asile pour Animaux Régional – Dudelange (SPAD asbl)“, CCPLLULL LU52 1111 0026 3011 0000, mam Vermierk „Don Sonja Muno“.

21955821

(Annonce Luxemburger Wort, 11.7.2019)

# Interna (1)

## Réunion du Comité du 27 juin 2019

- ***Don AALTMA***
  *Nous avons appris que notre précédent don a été utilisé en intégralité. La comptable du lycée nous informera du détail de l'utilisation du don de l'année scolaire passée.*
  *Le don pour l'année scolaire 2019-2020 sera présenté et officiellement remis au cours de la réunion plénière du 17 septembre 2019.*
- ***Visite du « Zeitungsmuseum »***
  *L'invitation officielle sera envoyée avant le début des vacances d'été et un rappel suivra en septembre. Vous pouvez (re)lire le détail du programme à la page 8 de ce bulletin.*
- ***Retrouvailles des Anciens du Comité***
  *La date du 15 novembre 2019 a été retenue pour rencontrer tous les membres des anciens comités de l'AALTMA. L'invitation officielle avec le restaurant sera envoyée vers la mi-septembre.*
- ***Une tasse à l'effigie de l'AALTMA asbl***
  *Cette idée sera peaufinée au cours des vacances scolaires. Plus de détails seront communiqués après la prochaine réunion.*
- ***Exposition des photos de Romain Becker***
  *Notre membre publie régulièrement des instantanés pris lors de ses moments libres. Comme ces photos nous semblent dignes d'être présentées à un public plus large, nous prévoyons une projection du Best of dans un cadre et un lieu à préciser en septembre.*

**La prochaine réunion du comité aura lieu JEUDI, le 19 septembre 2019**




# Membres 2019 de l'AAltma a.s.b.l.

## Nouveaux membres au 1.9.2019

*les noms des membres 1-173 se trouvent dans le(s) numéro(s) précédent(s)*

174. KLEIN Patrick
175. KONZ Eveline
176. MARICATO Patrick
177. MEGYIMORI Tom



# AALTMA um Tour (1)

## Sortie de fin d’année du Comité de l’AALTMA a.s.b.l.

Comme chaque année, les membres du Comité de l’AALTMA a.s.b.l. ont clôturé l’année scolaire par une petite sortie dans un restaurant.
Cette année-ci nous avons choisi le restaurant « Beim Paula » à Pétange ! A recommander…!

… et comme toujours, les participants ont payé leur repas et leurs consommations de leur propre poche...



# AALTMA um Tour (2)




## Samedi, le 5 octobre 2019

**L'*AALTMA a.s.b.l.* propose à ses <u>membres</u> une *visite guidée gratuite du « ZEITUNGSMUSEUM » à Wadgassen en Sarre*.**

**<u>Programme</u>**

**09.00 : Départ en bus à Pétange (Quai des bus du LTMA)**
**10.00 -11.30 : Visite du *« Zeitungsmuseum »***
**12.30 : Déjeuner au *Bistro Pastis* à Saarlouis**
**vers 14.30 : *Baumwipfelpfad*, Saarschleife, Mettlach**
**vers 16.30 : Retour en bus vers Pétange**
**vers 17.30 : Arrivée à Pétange (LTMA)**

**Rendez-vous : Quai des bus du LTMA (08.45)**

**La visite du *Zeitungsmuseum* ainsi que le transport en bus sont gratuits pour les membres de l'asbl. Le déjeuner à Saarlouis sera aux frais des participants.**

**Si vous voulez participer à cette visite, veuillez envoyer, jusqu'au 23 septembre 2019 au plus tard, un mail de confirmation à info@aaltma.lu**






https://www.wikiwand.com/de/Deutsches_Zeitungsmuseum
https://www.speisekarte.de/saarlouis/restaurant/pastis_bistro
https://www.baumwipfelpfade.de/saarschleife/

# « Classe de mer » à Borkum

LTMA
15 Std.
30.6.2019

Du 30 juin au 6 juillet 2019, plusieurs élèves des classes de 7ième du LTMA ont participé à un voyage sur l'île de Borkum située dans la mer du Nord en Allemagne. Durant cette semaine, diverses activités et visites ont figuré au programme, permettant aux élèves de découvrir la faune et la flore des plages et des dunes et de faire plus ample connaissance avec l'île...



https://www.facebook.com/Ltma.lux/photos/a.1056510274476875/2060471837414042/?type=3&theater



https://www.facebook.com/Ltma.lux/photos/pcb.2075869222540970/2075867359207823/?type=3&theater

# Le LTMA sur Facebook (2)

## La 4CL1 à Francfort

LTMA
12 Std.

2.7.2019





https://www.facebook.com/Ltma.lux/photos/pcb.2063842543743638/2063841070410452/?type=3&theater

# Le LTMA sur Facebook (3)

## Classes Accu1 et Accu2 à la *Parade des jeunes et des enfants*

Amorim Marga
29. Juni um 10:18

29.762019

Samedi, le 29 juin 2019, les élèves des classes Accu1 et Accu2 ont participé à la *Parade des jeunes et des enfants* du CAPEL.




https://www.facebook.com/photo.php?fbid=10211491332598059&set=p.10211491332598059&type=3&theater

# Le LTMA sur Facebook (4)

## Beim *Asteroid Day Life Broadcast*

LTMA
17 Std.

5.7.2019

De leschte Freide (28.6.) waren d'Schüler vun der 4GCM2 invitéiert ginn, fir beim *Asteroid Day Life Broadcast* am Cercle Cité an der Staat matzemaachen.

Eis Schüler konnten do hier Froen zum Space-Secteur stellen a verschidden Diskussiounsronne live materliewen.



https://www.facebook.com/Ltma.lux/photos/a.1056510274476875/2068189143308978/?type=3&theater

# Le LTMA sur Facebook (5)


## 6C1 an der Eifel


LTMA
17 Std.

7.7.2019

E Freiden (5.7.) hunn d'Schüler vun der 6C1 eng Visite zum Thema Vulkanismus an der Eifel gemaach. Si waren de Geysir-Zentrum zu Andernach an de Geysir selwer kucken. Ausserdeem waren si och nach 2 Maaren (Ulmener Maar a Laacher See) besichtegen.







https://www.facebook.com/Ltma.lux/photos/pcb.2071171363010756/2071168096344416/?type=3&theater

# Le LTMA sur Facebook (6)

## Fussballturnéier zu Gonschten vun *Trisomie21*

Trisomie21 asbl Lëtzebuerg - officiel
19 Std. · 10.7.2019

Merci de Schüler aus dem LTMA fir hieren flotten Fussballs Tournoi, deen si den 1. Mee zu Gonschten vun Trisomie21 Lëtzebuerg asbl organiséiert hunn.
Grousse Bravo fir hiert Engagement.







https://www.facebook.com/T21Letzebuerg/photos/pcb.839254229778808/839252009779030/?type=3&theater

# LTMA HELP : un team motivé et engagé

LTMA
2 Std. ·
11.7.2019

38 élèves et 5 enseignants (appelés coachs) se sont rassemblés à la fin de cette année scolaire pour dresser le bilan traditionnel du HELP-team.
Dans un premier temps, les élèves et enseignants se sont investis dans la rétrospective de l'année passée et dans la planification de la reprise en septembre.
Lors de la présentation des chiffres de l'année écoulée, les deux responsables, Anette Brück et Léon Kraus, ont pu annoncer que les élèves avaient été appelés pour 172 interventions au 3e trimestre (en 2018, ils avaient également assisté à 172 interventions) sous les yeux bienveillants des coachs. Ainsi, après 12 années d'engagement, le nombre impressionnant de 5585 interventions est aujourd'hui atteint. Il s'agissait principalement d'interventions simples, mais également d'urgences qui ont nécessité l'appel d'une ambulance.
Lors de la soirée, les deux élèves Esra et Gabriel qui avaient assisté à la gestion du groupe HELP ont reçu une petite surprise en guise de remerciement pour leur engagement bénévole pendant cette année scolaire.
La 2e partie de la rencontre était réservée à la bonne entente et à la coopération entre élèves et enseignants qui ont assisté à une excellente grillade préparée par les responsables du groupe.



https://www.facebook.com/Ltma.lux/photos/a.1056510274476875/2077474265713799/?type=3&theater

# Le LTMA sur Facebook (8)

## *Action Fun & Karting Center*

LTMA
2 Std.

12.7.2019

Félicitations aux élèves sportifs méritants qui ont pu profiter d'un séjour sportif qui a eu lieu le 9 juillet au « *Action Fun & Karting Center* ».





https://www.facebook.com/Ltma.lux/photos/pcb.2077520949042464/2077518302376062/?type=3&theater

# Le LTMA sur Facebook (9)


## Geografierätselen vun der 7G1-All

LTMA
3 Std.

12.7.2019


D'Schüler vun der 7G1-All hunn am Geographie-Cours um iPad e puer Geographie-Rätselen entworf.
D'Linke zu dëse Rätsele fannt dir hei ënnen:

https://learningapps.org/display?v=px6u5hyjj19
https://learningapps.org/display?v=phwnyxktk19
https://learningapps.org/display?v=pqohi0pgc19
https://learningapps.org/display?v=pdx5fu8un19
https://learningapps.org/display?v=psoaeg13t19
https://learningapps.org/display?v=p7oihk62j19
https://learningapps.org/display?v=pd2frbr2a19
https://learningapps.org/display?v=pvzi7vi7k19
https://learningapps.org/display?v=pr8wb9xx519









# 2019 Cérémonie de remise des diplômes

## Class dismissed !




La cérémonie de remise des diplômes s'est déroulée jeudi, le 4 juillet 2019 en présence de Monsieur Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.

Les lauréats de la promotion de 2019 et leurs familles se sont réunis dans la salle des fêtes du LTMA avec leurs enseignants et la direction du lycée pour fêter leur réussite.









photos : Jérôme Peiffer

https://www.facebook.com/Ltma.lux/photos/pcb.2087087294752496/2087082774752948/?type=3&theater

# Photos de classes du passé



**801 (1991-1992)**





**912 (1989-1990)**

# Les beaux souvenirs ne meurent jamais ! (1)

## Schüler-Sportsequippen aus de 70ger Joren



*La première équipe championne LASEL de l'ASE du LTMAP, anciennement CP : l'équipe de handball cadets en 1975/76. Debout de g. à d. : Hubert Eschette, entraîneur, Marc Faber, Hubert Meunier, Emile Noesen, Armand Regnery, Jean Faber, coach Accroupi de g. à d. : Marc Muller, Marc Reichert, Marco Bettendorff, Patrick Wahl*




BIERES
CEMP




BIERES
CEMP









ALL DËS FOTOEN, A VILL AANERER,

FANNT DER OCH OP ONSEM INTERNETSITE

https://aaltma.wildapricot.org/Nostalgie-New

**… AN DER NÄCHSTER NUMMER GIN ET E PUER FOTOEN**
**VUN DER SCHOULDISCO VUM 13. JULI 1994**



# Les beaux souvenirs ne meurent jamais ! (2)

Professorenvereinigung

## Kultureller Abend im LTMA Petingen



**Petingen** – Unter dem Motto „L wéi Literatur, T wéi Theater, M wéi Musek, A wéi Animatioun" hatte die Professorenvereinigung zu einer kulturellen Veranstaltung in den Festsaal des technischen Lyzeums eingeladen.

Diesem Abend hätte man tatsächlich einen besseren Publikumserfolg gewünscht, blieben doch viele Plätze unbesetzt. „Les absents ont tort" bewahrheitete sich auch hier, denn die Zuhörer kamen vollends auf ihre Rechnung, dies bei einem herzlichen Klima.

Im musikalischen Teil wirkte die Big Band des LTMA unter Leitung von Marco Battistella; das Quatuor de Saxophones Daniel Weiler, Marco Battistella, Julien Arpetti und Fernand Schroeder; die Gruppe Chorus Line mit Fernand Schroeder & Cie; die Gruppe Jazz Dance unter Leitung von Christiane Muller; Julien Arpetti präsentierte seine Lieder; im literarischen Teil las Tun Ewald eigene poetische Texte und Jhemp Hoscheit satirische Texte.

Durch das Programm führte Carine Reuter. **sch.**

Tageblatt, 18. Juli 1990

# Eng Bühn fir Literatur aus Lëtzebuerg

***De Cornel Meder huet ronn 35 Joer laang déi kulturell a pädagogesch Zäitschrëft Galerie geféiert. Säi Wonsch war, datt och no sengem Doud de Joergang fäerdeg gemaach gëtt. Elo koum déi viraussiichtlech zweetlescht Nummer vun der Galerie eraus, eng reng literaresch Editioun, an där zäitgenëssesch Literatur aus Lëtzebuerg eng Bühn kritt huet.***




De Proff, Direkter, Politiker, Schrëftsteller an Editeur Cornel Meder huet an de 60er a 70er Joren eng reegelrecht Pionéieraarbecht gemaach, wat den Domaine vun der Literatur betrëfft. De Fërderer vun der zäitgenëssescher Luxemburgistik, fir hei de Claude Conter ze zitéieren, huet net just selwer geschriwwen a publizéiert, mee och a virun allem ëmmer probéiert anere Schreiwenden eng Plattform fir hir Wierker unzebidden.
Schonn 1965 huet hien d'Publikatiounsrei impuls gegrënnt, d'Literaturzäitschrëft doppelpunkt an och MOL, eng méisproocheg literaresch Publikatioun, déi vun 1978 bis 1983 erauskoum an un där vill bekannt Autorinnen an Auteure matgewierkt hunn.
1982 ass et dann un der Rei vun der kultureller a pädagogescher Zäitschrëft Galerie, déi bis zum Doud vum Cornel Meder den 2. Juli 2018 erauskoum.

Mee mat der Galerie war et do awer net eriwwer. Seng zwee Kanner, d'Françoise an de Charel Meder, sou wéi de Franck Colotte an den Armand Logelin hunn d'Aarbecht ronderëm d'Galerie weidergeféiert, sou de Charel Meder. Si haten hirem Papp versprach, dëse Joergang nach fäerdeg ze maachen.
*"Mir wollten eng literaresch maachen, e bëssen an der Traditioun vu sengen editoresche Saachen, déi hie virdru gemaach huet, d'Serie MOL zum Beispill, wat och eng Bühn war fir Auteuren hei zu Lëtzebuerg an enger Zäit, wou et nach net esou vill Publikatiounsméiglechkeete gouf. An dowéinst wollte mir eng reng literaresch Nummer maachen."*

### E Querschnëtt, iwwer d'Verlagsgrenzen ewech

Eng Bühn kruten dann och d'Auteuren an Autorinnen aus Lëtzebuerg an dësem Band vun der Galerie: 20 Texter vun 28 Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller. Prosa, Theater, Lyrik, Collage ...
*"Meng Iddi war sou e bëssen e Querschnëtt ze bréngen, wat et hei ze Lëtzebuerg un Auteuren an Autorinne gëtt, iwwer d'Verlagsgrenzen am Fong geholl ewech. Jonk Auteuren, confirméiert Auteuren, Bekannter, manner Bekannter, an dat alles an enger Nummer zesummen."*
Vun A wéi Patricia Andrieu bis W wéi Jacques Wirion, dertëscht d'Anja Di Bartolomeo, de Gast Groeber, de Samuel Hamen, de Guy an den Nico Helminger, d'Josiane Katheiser, de Jhemp Hoscheit, d'Nathalie Ronvaux, d'Nora Wagener an nach vill méi. Awer och en Text, dee sech mam Schrëftstellertum beschäftegt, vum Cornel Meder.

### Nëmmen Inéditen

De Charel Meder war selwer iwwerrascht iwwer de grousse Succès vum Appell bäi de Lëtzebuerger Autorinnen an Auteuren.
*"Ech hunn den Auteure fräi Hand gelooss, meng Virgab war, datt ech gesot hunn, en Text vu ma-*

*ximal zéng Säiten. Et ka Prosa sinn, et kënne Gedichter sinn, et kënnen zeenesch Texter sinn, d'Thema ass egal. Dat do gëtt eng Bühn, wou dir iech kënnt drop presentéieren. Pour le reste, hunn ech den Auteure komplett vertraut, datt si gutt Text géingen areechen. An ech mengen, wann een d'Nummer an der Hand hält, da gesäit een, datt effektiv jiddweree gutt Texter erageereecht huet."*

Sämtlech Texter, déi fir dës Nummer vun der Galerie erakoumen, sinn Inéditen. Verschiddene wieren extra dofir geschriwwe ginn, anerer wiere relativ séier erakomm, "déi louche manifestement am Tirang", nach anerer wiere kuerz virun der Deadline erakomm.

## Eng Festschrëft fir de Cornel Meder

Dës Editioun ass awer nach net déi lescht Nummer vum Cornel Meder senger kultureller Zäitschrëft Galerie. Eng weider a viraussiichtlech lescht Nummer ass mol sécher, sou de Charel Meder.

*"Dat gëtt eng Aart Festschrëft fir mäi Papp. De Franck Colotte wäert déi koordinéieren. Hien ass am Gaangen, déi ze koordinéieren, do ginn e bëssen déi Domainer ofgedeckt, an deenen hien aktiv war. Am Beräich vun der Kultur, am Beräich vun der Schoulpolitik an der Politik, an da gëtt d'Galerie agestallt."*

Natierlech bedaueren elo eng ganz Rei vu Leit a sécherlech d'Abonnente vun der Galerie dësen endgültegen Abschid vun der Galerie. Mee sou ganz definitiv muss et net eriwwer si mat der Kulturzäitschrëft. Et kéint ee sech awer gutt virstellen, datt eng Equipe d'Galerie, no enger Schounfrist vun zwee Joer, nees kéint relancéieren. Ähnlech war dat och scho bei de Cahiers luxembourgeois geschitt.

## Franck Colotte interesséiert fir virunzefueren

De Charel Meder ass keen Onbekannten an der Lëtzebuerger Literaturlandschaft. Theater, Hörspiller, Prosatexter an och eng Rei Literaturpräisser huet den Däitschproff virzeweisen. Selwer mat der Galerie virun ze fueren, wier awer keng Optioun. Esou e Projet wier immens zäitopwändeg, et bräicht ee vill Kontakter a sou weider. De Franck Colotte hätt sech awer scho gemellt fir virunzefueren.

*"[...] wéi gesot, et muss sech eng Equipe ronderëm konstituéieren. Bei mengem Papp war dat en Ee-Mann-Betrib, an dat huet ganz, ganz vill Stonnen an Usproch geholl, dat ass hautdesdaags bal net méi machbar, wat hien do gemaach huet."*




**VALERIJA BERDI**
ehemalige Schülerin des LTMA
(RADIO 100,7 - 26.7.2019)

https://www.100komma7.lu/article/kultur/eng-buhn-fir-literatur-aus-letze-buerg?fbclid=IwAR3xrYHdbfNiiLfc_LLl9zN9klvtMF3u_2eHyOdz3IJlr0wgdbOp-76ZGhk


Mediathéik :

https://www.100komma7.lu/podcast/263697



## Lu ailleurs (1)

# A toi, le jeune qui n’as pas réussi ses examens...




A toi dont les parents n’afficheront pas sur facebook les résultats scolaires,

A toi qui sais que les études ne sont pas ton fort, malgré tes efforts,

A toi qui as si peur de ne pas être à la hauteur,

Sache que ta valeur est ailleurs, tout simplement.

Cette absence de réussite ne t’empêchera pas d’être un homme ou une femme qu’on apprécie, qu’on estime et à qui on accordera sa confiance…

Tu ne seras pas architecte, tu seras maçon, mais sans toi l’architecte continuera à dessiner de beaux plans qui ne seront pas construits, car s’il a bien tenu le crayon, toi, tu sais manier la truelle.

Tu ne seras pas infirmière, tu seras une brave mère de famille qui soignera bien ses enfants, ses parents peut-être et le médecin t’en sera reconnaissant.

Tu ne seras pas assis devant un magnifique bureau, tu seras un homme manuel sans lequel le plus grand des bâtisseurs ne sera rien, parce que sans tes mains, rien n’est possible.

Tu ne seras pas enseignante, mais c’est pourtant de toi que dépendra le savoir-vivre, le civisme, la respectabilité des enfants que tu vas mettre au monde, et sans toi, l’enseignante a bien du mal.

Le diplôme ne donne pas une valeur humaine à l’individu, il lui donne la possibilité d’exercer une profession qui demande une formation. Ce qui fait la valeur d’un homme ou d’une femme, tu le possèdes autant que lui.

Tu crois que tu n’as pas ta place dans cette société qui porte aux nues les gens beaux, intelligents, populaires, riches ?

La société n’est pas quelqu’un, c’est un système, elle peut te détruire si tu lui accordes trop d’importance, une importance qu’elle n’a pas.

La société te fait consommer, rien d’autre.

Crois-tu que celui ou celle qui t’aime ou t’aimera aura besoin de ces atouts si futiles pour renforcer ses sentiments ?

Crois-tu que le regard que cette personne pose sur toi dépend de cela ?

Mets-toi à sa place : est-ce que j’aime cette personne parce qu’elle a un diplôme, de l’argent, des signes sociaux importants ? Non, n’est-ce pas ? Et bien c’est pareil de son côté…

Crois-tu que tu ne pourras pas être un ouvrier valeureux, un parent formidable, un collègue sympa, un conjoint aimé, quelqu’un sur qui on peut compter?

Tu pourras mieux que quiconque comprendre la faiblesse d’un autre, et donc tu seras bien plus capable de l’aider.

Crois-tu donc que l’on doit tout réussir dans sa vie pour accéder au bonheur ? Vois-tu autour de toi des gens qui réussissent absolument tout ?

Regarde dans le cimetière… les titres, diplômes, comptes bancaires sont-ils affichés sur les pierres ? Non, parce que lorsqu’on se souvient de

quelqu'un, ce n'est pas de cela qu'on se rappelle, mais de la personne qu'elle était.

L'important dans la vie d'un humain n'est pas le métier qu'il fait, aussi prestigieux soit-il, mais la façon dont il le fait et y met ses qualités ; le diplôme n'est pas une qualité .

Être un homme, c'est aussi connaître des échecs et la vraie force est de continuer le chemin malgré cela…

Et de cela, tes parents seront fiers, plus que de ton bulletin scolaire.

On a besoin les uns des autres, on a besoin de ceux qui font des études et de ceux qui n'en font pas ; on a besoin de tous, on a besoin de toi. Et que tu portes un costume trois pièces, un tablier blanc, un cache poussière gris ou une salopette, tu as ta valeur comme tout un chacun.

Tu es si jeune, laisse-toi le temps de devenir ce que tu vas devenir, tu n'es encore qu'une petite chenille, mais toi aussi tu seras un papillon un jour, chacun avec ses couleurs…

Les parents sont parfois tellement influencés par des choses qui n'ont pas de valeur dans la vie, simplement parce qu'ils ne les ont pas eues ; ils croient que cela va changer le monde pour toi… mais c'est TA vie, pas la leur.

Cependant, ce qu'ils veulent avant tout, c'est que tu sois heureux …

On t'apprécie, on compte sur toi.

On t'aime.

N'oublie jamais ça !

**ODETTE DAUCHOT**

https://www.facebook.com/100007726565336/posts/2379004925700370?s=100000646374463&sfns=mo



# 'Major distraction': school dumps iPads, returns to paper textbooks



As classrooms across the country embrace digital textbooks, one Sydney school has declared the e-book era over and returned to the old-fashioned hard copy version because it improves comprehension and reduces distraction.

For the past five years, Reddam House's primary and junior high school classes have used e-textbooks on iPads. But the consistent feedback from the students has been that they preferred pages to screens.

Teachers also found the iPads were distracting and did not contribute to students' technology skills, prompting the school to announce that students should no longer use digital textbooks, and must revert to hard-copy versions instead.

"We hadn't completely gone away from hard copy," said principal Dave Pitcairn. "We kept year 11 and 12 hard copy. When [students] got to year 11, and now had the comparison between digital and hard copy, they preferred the hard copy.

"The ease of navigation through the textbook was easier with the hard copy. I believe they learn better the more faculties they use, the more senses they use in research and reading and making notes."

Teachers at the eastern suburbs private school, which regularly appears on the HSC top-ten honours list, reported that iPads were hindering learning.

"[Students] could have messages popping up and all sorts of other alerts," said Mr Pitcairn. "Also, kids being kids, they could jump between screens quite easily, so would look awfully busy and not be busy at all."

The school will also phase out iPads and begin a bring-your-own device policy with a preference for laptops.

Dr Margaret Merga, a senior lecturer in education at Edith Cowan University, said an analysis of all the research into differences in book formats has found that understanding improves when information is read in a paper rather than a digital format.

Research into why young people prefer hard-copy textbooks "points to greater perceived comfort, comprehension, and also retention of what's been read," she said. "Some have found that there's less immersive involvement [in digital text]."

A University of Maryland study in 2017 found there was little difference in the two formats when students were asked about the general themes of a text, but the printed version made them better able to answer specific questions.

The study's authors suggested print be preferred when an assignment demands more engagement or deeper comprehension, or if students - primary, secondary or tertiary - were required to read more than one page or 500 words.

As for the weight of the textbooks in backpacks, Mr Pitcairn said students could leave them in their lockers or use a digital version at home. "I've noticed that students prefer their textbook in both places," he said.

**JORDAN BAKER**
(THE SIDNEY MORNING HERALD, 31.3.2019)

https://www.smh.com.au/education/major-distraction-school-dumps-ipads-returns-to-paper-textbooks-20190329-p5191r.html

# Lu ailleurs (3)


## Burn-out : usés jusqu'à la corde



Un burn-out, pour certains c'est user de la gomme. On donne du gaz tout en maintenant le frein d'une voiture avant de le relâcher. Pour d'autres, c'est une maladie professionnelle. Pourtant, ces deux acceptions ont un point commun : on use en faisant du surplace et si le burn-out est mal négocié, on risque de foncer dans le mur !
Le burn-out est fourbe, il vous tombe dessus et choisit bien ses victimes. Il aime les optimistes laborieux, ceux qu'il peut freiner dans leur élan, ceux dont l'entourage ne va pas comprendre ce qui leur arrive. Il va les presser jusqu'à faire jaillir des larmes et du désespoir sur le chemin du travail et derrière leur écran d'ordinateur. Ils se seront donnés à fond. Usés, ils rendront les armes et appelleront à l'aide. Dans le meilleur des cas, ils obtiendront un délai pour souffler, dans le pire, on ne comprendra pas pourquoi ils sourient le soir au café entourés de leurs amis et s'effondrent dès que leur emploi, un éventuel cas de harcèlement ou leur incapacité à réagir sont évoqués.
Le burn-out, ou épuisement professionnel, est encore très méconnu et très peu pris au sérieux, malgré une augmentation des cas de 37 % en 2018 par rapport à l'année précédente, comme l'indiquent les ministres de la Santé et du Travail, Étienne Schneider et Dan Kersch, en réponse à une question parlementaire très justement posée par un ancien ministre de la Santé, Mars Di Bartolomeo. Le burn-out a été reconnu comme maladie professionnelle par l'Organisation mondiale de la santé (OMS), mais elle est bien la seule.
Le code du travail luxembourgeois ne reconnaît pas les risques psychosociaux, dont fait partie le burn-out, comme «postes à risque», et les employeurs ont des réticences à soutenir une réforme du code en la matière. Est-ce la peur de remettre un système en question, alors que les victimes le font en permanence ? Il est plus que temps que la société et le gouvernement commencent à s'interroger à ce sujet. Dans leur réponse, les ministres disent réfléchir à une stratégie nationale dans les années à venir. Combien de victimes fonceront dans le mur d'ici là ?

**Sophie KIEFFER** *
ÉDITORIAL
*Le Quotidien*, 13.7.2019

** ancienne élève du LTMA*



# D'Schoul an d'Gesellschaft




***Wat ass Schoul? Fir wat ass se do? A wat ka se der Gesellschaft bréngen? Déi Froe si wichteg, ginn awer nach net duer. Et muss een och froen, wéi eng Wichtegkeet d'Gesellschaft fir d'Schoul huet. A wéi een Afloss huet d'Gesellschaft op de Fonctionnement vun der Schoul? Déi Froen huet den Thomas Koenig sech gestallt.***

Wat ass Schoul? Dat klengt no enger einfacher Fro. Op alle Fall weess jiddwereen, wat ENG Schoul ass. Mee wat d'Schoul als Institutioun ass, dat ass manner evident.
Ech hunn et hei schonn erwäänt, mee schueden kann et net, et leiert ee jo schliisslech duerch Widderhuelung: D'Wuert Schoul kennt vum griicheschen Wuert skolé, wat Fräizäit bedeit. An zwar Zäit, an där een net schaffe muss, mee wou ee sech ëm seng perséinlech Edifikatioun këmmere kann.
Gutt, domat ass eis hei och net gehollef fir op d'Fro, wat Schoul ass, ze äntweren. Mir sinn jo net bei den Ale Griichen, an déi wéinegst géife spontan d'Schoul als den Uert vun enger moralesch salutärer Erzéiung ugesinn.
Erzéiung, jo, dat passt bei d'Schoul, mee datt d'Schoul eis moralesch verbessere soll, dat klengt éischter wéi eng Iddi, déi nom Mee 68 ofgeschaaft gouf. A wann Dir Iech elo frot, wourëms et dann am sougenannte Morales-Cours geet, do geet et net ëm Moral, dee Cours gëtt zwar esou genannt, mee Mënschen zum kriteschen Denken an zur Meenungsbildung unzereegen ass net wierklech kompatibel mat deem, wat e Moralist géif maachen.
Mee zeréck zur Schoul. Wat ass se dann elo?

### D'Wiese vun der Schoul

D'Schoul ass eng Institutioun, an där den Nowuess dat bäibruecht kritt, wat en an den Ae vun der Gesellschaft wësse soll. Dat heescht, et geet ëm Bildung, an och ëm Erzéiung, mee et geet net just ëm de Schüler. D'Schoul ass eng Institutioun, déi d'Liewensform vun hirer Gesellschaft weidergëtt.
Hei zu Lëtzebuerg leiere mir jo zum Beispill e puer Sproochen, e Konscht-Cours an en Sports-Cours sinn och dobäi, a Rechnen oder Mathé, an eben all déi aner Fächer, déi een an eiser Schoul esou fënnt.
De Kach- an den Bitz-Cours vun eise Mammen oder Groussmamme fënnt een do zum Beispill awer net um obligatoresche Curriculum. Eng Trennung vu Meedercher a Jongen och net. Dat gouf et alles awer eemol. An dat weist, datt d'Schoul, wéi se organiséiert ass, mee och wat se vermëttelt, net an engem Vakuum existéiert, mee grosso modo e Spigelbild vun der Gesellschaft ass. An déi Leit, déi d'Coursen halen oder iwwer d'Inhalter vun den Coursen decidéieren, déi si jo och en Deel vun där Gesellschaft.

### Legitimitéit

Als Enseignant hunn ech dacks d'Gefill, datt vill Leit sech guer keng Gedanke maachen, wat si dono maache wëllen, an datt si d'Schoul als eng onvermeidbar Hürd um Wee vun der Beruffswelt gesinn. D'Haaptsaach ass, datt een dono en Diplom huet, mee fir wat deen Diplom steet, ass manner wichteg. Sécher, dat trëfft net op all Schüler zou, an éierlech gesot, ech mengen, ville sougenannten Aktive geet et net anescht. Wéi ee vu menge Schüler sot, "Wann s de jonk bass, mengs de, du misst alles decidéieren, an an der

Schoul géif alles fir deng Zukunft festgeluecht ginn, mee dono mierks de, datt déi Erwuessen alleguer keng Ahnung hunn, wat si maachen".
Wär d'Missioun vun der Schoul de Leit méi kloer, da wéisst een och éischter, wou een dru wier. Da wär den Eltere méi kloer, wou hir Kanner dru sinn, a wéi si sech maachen.
Wei all Institutioun huet d'Schoul eng gewësse Komplexitéit. An net all Mënsch huet eng positiv Erënnerung u seng Zäit an der Schoul. Dat wierkt sech net positiv op den Dialog tëschent der Schoul an der Gesellschaft aus, mee deen Dialog ass awer wichteg. Schonn eleng fir d'Legitimitéit vun der Schoul, déi och net méi selbstverständlech ass.
A mat Legitimitéit vun der Schoul mengen ech hei net d'Autoritéit vum Enseignant. Wann ech der Generatioun vu mengen Elteren nolauschteren, an déi zielen, wei si der mam metallene Lineal op d'Fangere kruten, oder wéi de Proff Soua-Sou d'Schüler ëmmer erëm gär mat der Fauscht an d'Genéck geschloen huet, da sinn ech heiansdo erstaunt. Dat klengt dann esou, wéi wann dat déi faméis gutt al Zäit wär, mee wann ech da froen, op déi Persounen da gutt Enseignante waren, da gëtt just de Kapp gerëselt.
Also, nach emol, d'Schoul muss an den Ae vun der Gesellschaft, dat heescht och vun de Schüler, eng Legitimitéit hunn. Da wëssen d'Schüler och firwat si do sinn, an da bréngen all déi Stonne Cours och eppes. Wann d'Schoul just déi Zäit tëschent de Pausen ass, oder net méi wéi eng Geleeënheet fir d'Frënn erëm ze gesinn, da ka se net esou fonctionnéieren, wéi se soll.

**Aktualitéitsproblemer**

A genee domat huet d'Schoul ëmmer erëm ze kämpfen. Aktuell ass e groussen Problem déi sougenannten "Ökonomie vun der Opmierksamkeet". Déi Zäit, wou Dir op enger Websäit sidd, oder wou Dir op Ärem Lieblings-Social-Media surft, respektiv déi Zäit, wou Dir e bestëmmte Sender op der Tëlee kuckt, ass Geld. Wat méi Leit eng Websäit benotzen, wat déi Werbung op där Säit méi dacks gesi gëtt, respektiv wat déi Säit méi Daten huet, déi se weider verkafe kann. A bei der Tëlee ass et dat selwecht. Wat méi Leit e bestëmmte Sender kucken, wat och méi Firmen hir Reklammen op deem Sender schalte wëllen.
Bref, et geet haut dorëms, dem Konsument seng Opmierksamkeet esou laang wéi méiglech ze monopoliséieren. A well dat am beschten domat geet, datt ee permanent stimuléiert gëtt, an ëmmer erëm en Input huet, op deen ee reagéieren kann oder muss, gi mir deementspriechend de ganzen Dag sollicitéiert. Sief et eng Push notification, eng App fir ze Chatten, oder den Newsticker op den Noriichtesender, et gëtt ëmmer e gudden Grond, fir nach e bësse méi laang op den Ecran ze kucken. Iech kascht et näischt, an dobäi gëtt awer esouvill Geld mat Iech gemaach. Ass dat net praktesch?
Mee nee, net wierklech. Dat huet desastréis Auswierkungen op d'Konzentratiounsfäegkeet, net nëmme vun den Jonken. Wann ee permanent ëmmer erëm stimuléiert gëtt, da gëtt een op emol net méi domat eens, wann een länger emol net méi konstante Reizen ausgesat gëtt. An an der Schoul, naja ...wann Dir Iech stonnelaang op eppes konzentréiere sollt, an Iech awer net méi konzentréiere kënnt, dann hutt Dir e Problem.
Een anere Problem ass och de sougenannten entitlement, dat heescht, dat Gefill, e Recht op bestëmmte Saachen ze hunn, nom Motto: parce que je le vaux bien! Et ass zwar nach net dramatesch, mee et kënnt ëmmer erëm vir, datt Schüler mengen, datt eng Prüfung net do wär fir hiert Wëssen ze préiwen, mee datt se dofir do wär fir hinne vill Punkten ze ginn, fir datt si dono eng gutt Nott hunn. Si mengen also, si hätten Recht op eng gutt Zensur, och wann hir Leeschtung net gutt ass. Mee dat ass näischt Aneres, wéi wann een Erwuessene mengt, d'Welt géif sech just ëm hie selwer dréien.
An an enger Zäit vu Casting-Shows a vu Leit, déi eng Carrière doraus maachen, en Influencer am Internet ze sinn, kann een den Jonken do net wierklech de Virworf maachen, wa si sech esou behuelen, wéi si et virgelieft kréien.

**Wéi eng Léisungen?**

Et gëtt natierlech och Léisungen, déi d'Schoul selwer ëmsetze kann. Et gëtt zum Beispill Schoulen, net just hei am Land, déi e sougenannte Knigge-Cours ubidden, dat heescht e Cours, an deem déi Jonk dann och emol Héiflechkeet a Manéieren erkläert kréien, oder wéi si sech sollen uleeën, fir net bei jiddwerengem unzëecken.
Do kéint een jo mengen, datt d'Eltere sech ëm déi Saache këmmeren, oder op alle Fall eng Basis an der Erzéiung vun hirem Kand schafen, déi d'Schoul dono dann erweidere kann, mee dat ass net onbedéngt de Fall.
Wann d'Gesellschaft engem virlieft, datt et der näischt bréngt, Rücksicht op anerer ze huelen, well dat dech jo am dengem Genoss oder an dengem Konsum aschränke kann, dann ass et och net méi selbstverständlech, datt ee säin

Dreck an d'Poubelle geheit. Sou gëtt de Respekt fir seng Matmënschen da lues a lues ofgeschaaft. An ouni Respekt kann eng Schoul net fonctionnéieren.

**Fazit**

D'Institutioun Schoul hänkt net nëmme vun der Qualitéit vum Léierpersonal oder vun de Programmer of, mee eben och vun der Gesellschaft, an där a fir déi si fonctionnéiert. A vill Leit hunn zwar eng Meenung, wéi d'Schoul fonctionnéiere misst, mee leider hu si net ëmmer eng Ahnung dovun, wéi d'Realitéit um Terrain ausgesäit.
Meng Ausgangsfro war jo "Wat ass d'Schoul?". Déi Fro verdéngt et reegelméisseg erëm gestallt ze ginn, an dat passéiert och, mat méi oder manner pertinenten Äntwerten. Déi Fro, déi awer och nach gekläert misst ginn, léift Publikum, ass dës Kéier net, wéi eng Schoul eis Gesellschaft brauch, mee wéi eng Gesellschaft mir fir eis Schoul wëlle sinn?



**THOMAS KOENIG**
(RADIO 100,7, 16.7.2019)
https://www.100komma7.lu/article/wessen/d-schoul-an-d-gesellschaft



# Lu ailleurs (5)

## Tabletfreie Zone



***In Restaurants nehmen immer mehr Kinder das Essen zu sich, währenddessen sie auf ein Tablet glotzen. Der Esstisch sollte aber zur tabletfreien Zone erklärt werden.***

Eltern haben verschiedene Methoden, um ihre Kinder zu erziehen. Unterschiedliche Vorgehensweisen bedeuten jedoch nicht zwangsläufig, dass die einen als richtig und die anderen als falsch bewertet werden können. Allerdings gibt es verschiedene Handlungen, von denen man durchaus behaupten kann, dass sie nicht förderlich sind und der Erziehung eher schaden, als dass man ihnen etwas Positives abgewinnen kann.
Seit einiger Zeit gibt es einen Trend, der sich wie ein Lauffeuer verbreitet hat und vielerorts für Diskussionen sorgt. In Restaurants nehmen nämlich immer mehr Kinder das Essen mittlerweile zu sich, währenddessen sie auf ein Tablet glotzen.
Das mag zwar den Eltern in dem Moment entgegenkommen, da sie sich vom Alltagsstress befreien können und etwas Zeit für sich haben, doch das permanente Ruhigstellen durch einen digitalen Babysitter ist für Kinder wenig förderlich. Mehrere Studien aus verschiedenen Ländern haben nämlich ergeben, dass es Kindern sehr viel bringt, wenn sie während mindestens einer Mahlzeit am Tag mit den Eltern kommunizieren können. Diese Möglichkeit sollte man ihnen gewähren.
Das gemeinsame Essen bietet den meisten Familien in unserer heutigen Gesellschaft einen der wenigen Momente, in dem sie beisammen sind. Daher sollte man diese wertvolle, gemeinsame Zeit unbedingt nutzen, um sich auszutauschen. Bei Kleinkindern wird so beispielsweise die Sprachentwicklung vorangetrieben, Jugendliche können ihrerseits ihre Probleme oder Sorgen mitteilen.
Vor allem in jungen Jahren müssen Kinder viel lernen. Dazu gehört auch, dass man sich im Restaurant mal still und gemäßigt verhalten muss und dass man eben manchmal geduldig warten

muss. Wenn sie jedoch in solchen Situationen stets zur Elektronik greifen, entsteht für sie ein Automatismus. Ein derartiges Handeln wird für Kinder schnell zur Selbstverständlichkeit. Es besteht sogar Suchtgefahr. Kinder haben das Recht, sich auch mal zu langweilen, denn Langeweile steigert laut einer Gruppe von Forschern der University of East Anglia die kreativen Fähigkeiten. Des Weiteren haben Studienergebnisse gezeigt, dass viele Kinder, die während der Mahlzeit einen Bildschirm anstarren, oft so viel essen, dass sie übersättigt sind. Der Geist wird vom digitalen Babysitter derart abgelenkt, dass Kinder nicht mehr wahrnehmen, wann ihr Hunger gestillt ist. Übergewicht ist eine weitere drohende Konsequenz.

Ein Kind sollte halt manchmal auch einfach ein Kind sein dürfen, zappelig sein und Quatsch machen können – im Idealfall ohne negativ aufzufallen und die anderen Kunden zu stören. Indem man ihm jedoch einen Bildschirm vor der Nase aufbaut, um es ruhig zu stellen, nimmt man ihm die Chance darauf. Und seien wir mal ehrlich: Kinder haben doch während des Essens die Aufmerksamkeit der Eltern verdient. Denn Väter und Mütter sollten sich bewusst sein, dass Kinder schnell erwachsen werden und die gemeinsame Zeit nicht ewig währt. Der Esstisch sollte deshalb zur tabletfreien Zone erklärt werden.

**KEVIN ZENDER**

(LUXEMBURGER WORT, 22.8.2019)
https://www.wort.lu/de/lifestyle/tabletfreie-zone-5d5d0272da2cc1784e34a201





# Tolle Titel !!!!

## Nichts mehr wahr wie es war?

(Lux.Wort, 4.7.2019, über die „neue Unübersichtlichkeit“ der Formen menschlichen Miteinanders)

## App in den Urlaub

(Lux.Wort, 10.7.2019, über die praktischen Smartphone-Helfer für Reisende)

## Cure toujours!

(Le Quotidien, 11.7.2019, à propos de la longévité du groupe britannique *The Cure*)

## Zittern um die Kanzlerin

(Tageblatt, 12.7.2019, über die Zitteranfälle der Angela Merkel)

## Über Stock und Wein

(Lux.Wort, 15.7.2019, über die *Promenade du Terroir* in Ahn und die Arbeit der Winzer)

## Lega, Lügen, Logen

(Tageblatt, 16.7.2019, über Salvini und den Druck der Russland-Affäre)

## Eurodéputés et parfois dépités

(Le Quotidien, 16.7.2019, à propos des eurodéputés et la de la candidature de van der Leyen à la tête de la Commission européenne)

## Boris - Allein zu Haus

(Tagesschau, 21.7.2019, über die Rücktrittsabsichten mehrerer Minister falls Johnson Premierminister wird)

## Ne pas mégoter avec le respect

(Le Quotidien, 23.7.2019, à propos du débat passionné quant au droit de fumer ou non sur les terrasses)

## Jetzt erst rechts


(Lux.Wort, 26.7.2019, über den Kampf in der deutschen AfD um Richtung und Macht)

## Die Schotten waren dicht

(Tageblatt, 2.8.2019, über die Niederlage des *Progrès Niederkorn* gegen die *Glasgow Rangers* in der *Europa League*)

## Salvini : veni, vidi... pschitt

(Libération, 29.8.2019, à propos du Rubicon de Matteo Salvini)





# Mieux vaut en rire (1)

## On dit que la langue française est compliquée….

**mais que dire de l'anglais ?!**

Français:
*« de 1H58 à 2H02 : de une heure cinquante-huit à deux heures deux. »*

Anglais:
*« from two to two to two two »*


Français :
*« Trois sorcières regardent trois montres Swatch.
Quelle sorcière regarde quelle montre Swatch ? »*

Anglais:
*« Three witches watch three Swatch watches.
Which witch watches which Swatch watch? »*

Et maintenant pour les spécialistes...

Français:
*« Trois sorcières suédoises et transsexuelles regardent les boutons de trois montres Swatch suisses. Quelle sorcière suédoise transsexuelle regarde quel bouton de quelle montre Swatch suisse ? »*

Anglais: (accrochez-vous):
*« Three Swedish switched witches watch three Swiss Swatch watch switches.
Which Swedish switched witch watches which Swiss Swatch watch switch? »*



# Mieux vaut en rire (2)

## Les Bons Mots de Pierre Desporges ...




- Je ne bois jamais à outrance, je ne sais même pas où c'est.
- L'ouverture d'esprit n'est pas une fracture du crâne.
- Je n'ai jamais abusé de l'alcool, il a toujours été consentant.
- Si vous parlez à Dieu, vous êtes croyant... S'il vous répond, vous êtes schizophrène.
- 5 fruits et légumes par jour, ils me font marrer... Moi, à la troisième pastèque, je cale.
- L'alcool tue, mais combien sont nés grâce à lui ?
- Un jour j'irai vivre en Théorie, car en Théorie tout se passe bien.
- La médecine du travail est la preuve que le travail est bien une maladie !
- Le lundi, je suis comme Robinson Crusoé, j'attends Vendredi.
- IKEA est le meilleur prénom pour une femme :
  suédoise, bon marché, à emmener aussitôt chez soi et facile à monter.
- Dieu a donné un cerveau et un sexe à l'homme mais pas assez de sang pour irriguer les deux à la fois.
- La lampe torche. Le PQ aussi.
- La pression, il vaut mieux la boire que la subir.
- Jésus changeait l'eau en vin, et tu t'étonnes que 12 mecs le suivent partout !
- Si la violence ne résout pas ton problème, c'est que tu ne frappes pas assez fort.
- Travailler n'a jamais tué personne mais pourquoi prendre le risque ?
- Il vaut mieux se taire et passer pour un con plutôt que de l'ouvrir et de ne laisser aucun doute à ce sujet.
- Quand un philosophe me répond, je ne comprends plus ma question.


https://goodiemood.com/les-bons-mots-de-pierre-desproges/




# Selfie with me & myself (Part 2)

Der Digitalkünstler ***Ard Gelinck*** stellt auf Instagram Fotos berühmter Künstler vor. Das Besondere: Auf dem Foto ist zweimal derselbe Star: einmal jung, einmal älter …





https://www.instagram.com/ardgelinck/?utm_source=ig_embed



# Alte Kunst mit moderner Popkultur (Teil 8)

Was haben Rembrandt van Rijn, Kim Kardashian und Frida Kahlo gemeinsam? Sie sind Teil des Instagram-Accounts des Künstlers ***Hayati'nin Evreni***. Unter *hayatininevreni* postet der auf Zypern lebende Künstler kleine lustige Collagen, in denen er alte weltberühmte Kunstwerke mit dem 2018er Lifestyle und moderner Popkultur verbindet.





























https://www.instagram.com/hayatininevreni/?utm_source=ig_embed



# Montages qui choquent (Partie 9)

Sur son compte Instagram, le Turc ***Uğur*** alias ***Ugurgallen*** dévoile des montages photos chocs qui font réfléchir sur les contrastes révoltants de notre monde. Difficile de pas voir la vérité en face.
















https://www.facebook.com/726821645/posts/10156208907286646?s=100000646374463&sfns=mo

# Pub ... pour Gaby Kiersch

## Vernissage et exposition de sculptures en octobre 2019



Le regard



absolument

Gaby Kiersch
vous invite au vernissage
de son exposition de sculptures

vendredi, le 11 octobre
de 18.00 à 20.00 heures
**entrée: côté Parc**

à la Galerie Uerbengsschlass
**à la maison communale**
**de Hesperange**







L'exposition sera ouverte du samedi 12
au dimanche 20 octobre 2019
**Samedi, dimanche :** de 15.00 à 18.00 h
**entrée côté Parc**

**en semaine :** de 7.45 à 11.45
et de 13.30 à 17.00 heures
**entrée : 474, route de Thionville**
(demandez à la réception pour l'éclairage)

**Présence de l'artiste**
le mercredi,
les samedis et dimanches
de 15.00 à 18.00 heures

**Les profs** (et les élèves) vus par Léturgie, Erroc & Sti

